

# d' Peffermillen



Beim Friddenshiertebrëif deen di amerikanesch Bëscheef virbreeden as de Koschter nieft dem Inhalt (vgl. "forum" Nr.60) och d'Aart a Weis opgefall, wéi d'Bëscheef esou e wichtegen Text préparéieren. Eng Kommissioun vu 5 Bëscheef huet a 14 Sätzungen nët manner wi 34 Experten zu Wuert komme gelooss, inklusiv Leit aus der US-Regirung. Vill Bëscheef hun hierer Diözese den Text virgeluegt an ëm kontrovers Stellungnahme gebieden. En 1. Virentwurf gouf och un de Vatikán an un d'europäesch Bëschofskonferenze geschéckt. Den 2. Entwurf gouf - an öffentlecher Sëtzung! - vun de ronn 280 Bëscheef diskutéiert a provisoeresch uegholl. Elo gi nach Verbesserungsvorschläi dran ageschafft an da gët en den 3. Mee 1983 definitiv ofgestëmmt a verkënnegt. Duerch déi intensiv Virbereedung as an den USA, an der Kierch an ausserhalb, eng Diskussioun iwert Fridden an Ofrüstung entstan, di mëttlerweil weltwäit as. Et kann een dervun ausgoen, dass am Mee 1983 di ganz amerikanesch Kierch hannert hierem Text steet, dass ët nët einfach en Text vun de Bëscheef as, mä dass d'Katholiken sech (bal) all derzou bekennen. An et bleift nët dobäi. Nom Mee soll schon nees en neit Dokument an d'öffentlech Diskussioun kommen, an deem den US-Kapitalismus "moralesch duerchliicht" soll gin.

Di lëtzebuergesch Kierch huet an der Synod och lo Joer laang Texter produzéiert. Ween huet se gelies? Wee praktizéiert se? Wee wor dru bedeelegt? - Sät e puer Méint bruckt de Pastoralrot un engem kirchlechen Text iwert Wirtschaftskris. Eng Kommissioun vu 4 Experten schreift drun, hannert zouen Dären. A wann en enges Dag publik gët, bleift et e Stéck Pobeier, well éischtens kaum méi dra steet wi wat Regierung an CSV längst scho gesot hun (di 4 Experten si bal all CSV-Politiker) an zweetens well e vun uewen erof kënnt, d'Vollék, d'Chrëschten, déi Leit di d'Kris um eegene Leif spieren, nët dran zu Wuert kommen, sech nët dran erëmfannen, well an der lëtzebuergescher Kierch d'Hierarchie eleng offiziell eppes däerf soen, e Gespréich nëmme nët däerf stattfanne, well da kënnte Mënungsënnerscheeder optrieden an da kënnt di sakrosankt kathoulesch Eenheet fletegoen. De Koschter freet sech, wéi laang di Verantwortlech sech nach wëlle beléien?

m.p.

\*

De Koschter muss nees géint di eesäiteg Informatioun am L.W. protestéieren. Am Bericht iwert d'Afghanistan-Demonstratioun (LW, 20.12.1982) gët mat kengem Wuert ernimmt, dass och de Vertrieeder vun der "forum"-Redaktioun a vun der "Aktioun fir de Fridden" d'Wuert ergraff huet, fir géint dee russeschen Imperialismus ze protestéieren. T'as kloer: vun esou Organisatiounen däerf een dat nët soen, well soss kann d'LW spéider nët mi schreiwen, si géifen eesäiteg nëmme géint Menschenrechtsverletzungen duerch d'USA protestéieren ... Well - wi ët dee selwechten Dag am LW iwert e Solidaritéitsmeeting mat "Solidarnosc" heescht - esou Veräiner gebrauchen déi Solidaritéit nëmme fir hire lénke Klassenkampf unzehätzen, eng éierlech Haltung war nët do-bannen. De Koschter freet sech, op et méi éierlech as aus de real 60 Afghanistan-Demonstranten der 150 am LW ze man: Gouf bei den 80 Leit um Polen-Meeting mam selwechte Prozentsatz ënnerdriwen?

g.

\*

Et as esou wäit: am L.W. huet d'"Nouvelle Droite" aus Frankräich (cf. "Figaro Magazine") - vun 12 nach viru nët allzelaanger Zäit als faschistesche bezeehnet - Heemrecht kritt. De Joseph Schmit zitéiert (30.12.82) an engem reliös-besënnlechen Artikel zum Weltfriddensdag ee vun de "chefs de file" vun de franséische Rietsextremisten, de "Professor Pauwels", deen iwert franséisch Bëscheef gesot huet: "Nos évêques me rendent triste", a rekommandéiert den US-Bëscheef, "die weit vom Schuss sind", dëst ze behärzegen statt géint d'MX-Rakéiten ze protestéieren. De Koschter fënnt ët scho schlëmm, dass e Pauwels iwerhaupt vun engem Chrëscht gelies, geschweige denn approuvéiert gët! Huet 1933 "Mein Kampf" och zu senger Lektüre gehéiert? Bei engem Zwangsrekrutéierte wi dem Joseph Schmit däerf ee sech iwert esou Lektür duebel wonneren ... an traureg sin!

m.p.